LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

REÇU
Par Alff Christian , 15:44, 10/11/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 10 novembre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire urgente n° 3107 du 6 novembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 3107 du 6 novembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Déclaration d'incapacité de travail dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette LENERT
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3107 du 6 novembre 2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Déclaration d'incapacité de travail dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".

Et ass richteg dass d'Famill vun enger infizéierter Persoun am Prinzip a Quarantän gesat gëtt fir d'Verbreedung vum Virus ze limitéieren. Dës Leit kréien eng "ordonnance de quarantaine" déi och als "certificat d'incapacité de travail » geltend gemaach ka ginn.

Et ass leider esou, dass duerch dat rezent exponentiellt Usteigen vun de neien Covid-19-Infektiounen d'Inspection sanitaire Retarde krut bei der Identifikatioun vun de Kontaktpersounen an dem Verschécken vun den "ordonnances de quarantaine". Dëse Problem ass dobäi résorbéiert ze ginn duerch dräi wichteg Mesuren: i) d'Opstocke vum Personal am Contact Tracing, ii) d'Informatisatioun vun der Preparatioun an dem Erausschécken vun den "ordonnances de quarantaine" an iii) d'besser Identifikatioun vun de Kontakter mat der Hëllef vun de betraffene Leit iwwert online-Formulären.

D'Santé huet och mat de Patronen iwwert dëse Problem kommunizéiert via d'Union des Entreprises Luxembourgeoises (UEL) an zwar iwwert Telefon an iwwert Mail an och via Mail mat der Chambre des Métiers, déi eis konfirméiert huet, dass si de Message weider un d'Patrone ginn hunn. D'Santé war och a Kontakt mat der Caisse nationale de santé (CNS) an dësem Dossier.

Och wa mir verstinn, dass dës Situatioun eventuell zu Diskussiounen zwëschent Patron a Salarié gefouert huet, ass et eis net bekannt, dass ee Salarié duerch dëse Retard seriö Problemer mat sengem Employeur krut hätt.

D'Hotline vun der Santé funktionéiert all Dag 7/7 an zwar vu Méindes bis Freides vun 8h bis 18h a Samschdes a Sonndes vun 10h bis 18h. Si ass besat mat op mannst 15 bis 18 Persounen déi den Telefon ophiewen, a coordinéiert vun op mannst zwee Responsabelen. Den éischten Objektiv vun der Hotline ass d'Bierger esou gutt wéi méiglech ze ënnerstëtzen fir all déi Démarchen a Relatioun mat Covid-19, an awer och fir Auskunft ze ginn – respektiv de Lien ze maachen mam Contact tracing oder der Cellule de coordination vum Ministère vun der Educatioun (am Fall vun engem Kand).

An der Woch vum 2.11. bis den 8.11.2020 sinn ongeféier 5000 Appeller traitéiert ginn. All Appel dauert am Schnëtt 15 Minutten, well meeschtens och nach eng Vérificatioun am System néideg ass fir dass déi administrativ Tâchen kënnen ausgefouert ginn (Ordonnance verschécken, Kontakter an de System aginn). Sou ënnerstëtzt d'Hotline aktiv de Contact tracing. Déi meescht Appeller gi bannen den éischte 4 Minutte beäntwert, et kënnt awer vir dass d'Waardezäit méi laang ass, oder een e puer Mol probéiere muss.